ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. November 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, un den Här Wunnengsbauminister an un den Här Minister fir Aarbecht a solidaresch Ekonomie weiderzeleeden.

An engem oppene Bréif beklot d'Associatioun „Trisomie 21" déi „desastréis Situatioun" mat där Leit mat geeschtege Behënnerunge konfrontéiert sinn. Esou gëtt et laang Waardelëschten, fir kënnen eng Wunneng ze bezéien, déi op d'Bedierfnesser vun dëse Leit aginn. Weider besteet e grousse Besoin u Plazen an de geschützten Atelieren, wou dës Leit kënnen eng Aarbecht fannen.

Esouwuel d'Wunnenge wéi déi geschützten Ateliere gi vum Staat subventionéiert, esou datt hei d'Regierung ganz direkt mat an der Verantwortung steet.

Dowéinst wollt ech deenen Häre Ministeren dës Froe stellen:

1) Wéi vill Wunnengen, déi fir Leit mat enger geeschteger Behënnerung ageriicht sinn an deementpriechend betreit ginn, stinn zu Lëtzebuerg zur Verfügung? Wéi héich sinn hei d'Besoinen? Wéi eng konkret Moossname si virgesinn, fir d'Offer der Demande unzepassen, an a wéi engem Delai?

2) Wéi vill Aarbechtsplaze fir Leit mat enger geeschteger Behënnerung stinn aktuell zur Verfügung an de sougenannten „Ateliers protégés", a staatlechen a para-staatlechen Administratiounen oder a privaten Entreprisen?

3) Wéi vill Aarbechtsplaze misste fir déi betraffe Leit zur Verfügung stoen, fir datt all déi, déi wëlle schaffe goen, dëst och kéinte maachen?

4) Wéi eng konkret Moossname si virgesinn, fir d'Offer der Demande un esou Aarbechtsplazen unzepassen, an a wéi engem Delai? Ass dobäi och virgesinn, esou Leit a staatlech Verwaltungen opzehuelen, a privat Entreprisen ze encouragéieren och Leit mat enger geeschteger Behënnerung ze engagéieren?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten